





Réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°6353 du 15 juin 2022 de Monsieur le Député André Bauler au sujet des habitudes de voyage des luxembourgeois

1)


D'Quell fir dës Informatiounen ass d'Enquête zum Tourismus (Detailer zum Verlaf der Enquête ënnert dem Link : <https://statistiques.public.lu/fr/enquetes/enquetes-particuliers/tourisme-conditions-vie.html>) a gi vum STATEC a folgendem Tableau vollstänneg publizéiert : <https://statistiques.public.lu/dam-assets/fr/donnees-autres-formats/conditions-sociales/conditions-de-vie/C8300.xlsx>

Déi zwee Tableauen hei drënner weisen déi heefegsten Zillänner fir Fräizäitreesen, also all Zorte vun Openhalt mat Iwwernuechtungen (Vakanzen, Besuch bei Famill a Frënn, Sportsreesen, asw.) mat Ausnam vu Geschäftsreesen. Geschäftsreise stellen insgesamt 9% vun de Reese mat Iwwernuechtungen duer.





Am Tableau hei drënner ginn d'Destinatioune fir Geschäftsreesen duergestallt. Déi 4 Haaptdestinatioune sinn déi selwecht wéi fir Fräizäitreesen. 2021 haten d'Geschäftsreesen eng duerchschnëttlech Dauer vu 5 Nuechten.



2)

D'Quell fir dës Informatiounen ass d'Enquête zum Budget vun den Stéit. (Enquête Budget des Ménages, Detailer zum Oflaf vun dëser Enquête : <https://statistiques.public.lu/fr/enquetes/enquetes-particuliers/budget-menages-conditions-vie.html>)

Dëser Enquête no haten d'Lëtzebuurger Stéit am Joer 2021 an de 12 Méint virun der Enquête an der Moyenne ongeféier 2.200 EUR fir Reesen ausginn. Dëse Montant enthält d'Ausgabe fir Transport, Iwwernuechtungen, Zier a Fräizäitaktivitéiten am Zesammenhang mat Reesen zu Lëtzebuerg oder am Ausland. Bei dëser Berechnung ass et net méiglech tëschent Reese fir Fräizäit, Geschäftsreesen oder Besuch bei Famill oder Frënn z'ennerscheiden. 2020 an 2019 hunn dës Ausgabe fir Reese ongeféier 4.200 EUR uitgemaach. D'Zuele fir 2021 weisen also den Impakt vun de Restriktiounen am Kader vun der Covid-19 Pandemie.

Ausgedréckt als Prozentsaz vun de Stéit hire gesamten Ausgaben, hunn d'Ausgabe fir Reesen 2021 am Duerchschnëtt 4,3% duergestallt, awer 2019 an 2020 méi wéi 8%. Méi wuelhabend Stéit ginn am Duerchschnëtt e méi héijen Undeel vun hirem Budget fir Reesen aus wéi Stéit mat engem méi niddregem Akommes. 2020 hunn déi 10% räichste Stéit méi wéi 16% vun hirem Budget fir Reesen ausginn, am Verglach zu 4% fir déi 10% vun de Stéit mam niddregsten Akommes. Am Joer 2021 ass dësen Ecart méi kleng gewiescht (2,6% fir Stéit mat niddregem Akommes a 6% fir räich Stéit), och dëst ass mam Impakt vun der Covid-19 Pandemie verbonnen.

Zanter 2010 ass de generellen Trend dass Ausgabe fir Reesen éischter an d'Luucht ginn: si louchen 2010 am Duerchschnëtt bei 3.360 EUR pro Stot an 2015 bei iwwert 3.800 EUR.

3)

D'Unzuel vu Reese mat Iwwernuechtunge fir 2021 läit bei 76% vun der Unzuel vu Reese mat Iwwernuechtunge fir 2019 a bei 62% vun där fir 2020.



D'Pandemie huet déi 3 Typpe vu Reesen net d'selwecht beaflosst. D'Unzuel vun Iwwernuechtunge vum Joer 2021 am Verglach zu 2019 läit bei :


- 35% fir Geschäftsreesen
- 86% fir Fräizäitreesen do drënner:
 - 73% fir Vakanzen
 - 115% fir Besuch bei Famill a Frënn

D'Geschäftsreese sinn an der Pandemie also staark erofgaangen. D'Zuel vun de Geschäftsreese pro 100 Awunner déi schaffen ass am zweeten Trimester vum Joer 2020 staark gefall am Verglach zum zweeten Trimester 2019 (vu 57 op 5 Reese pro 100 Beschäftegter). E Réckgang gëtt et fir déi dräi Typpe vun Openthalter (Geschäftsrees, Vakanz, Besuch bei Famill oder Frënn), awer nëmme fir d'Geschäftsreesen ass dëse Réckgang an den Trimesteren dono weiderhi festgestallt ginn. Am leschten Trimester 2021 war de Vir-Krisen Niveau nëmme zur Hallschent erëm erreicht (18 Reese pro 100 Beschäftegter am Verglach zu 39 zwee Joer virdrun). Déi duerchschnëttlech Dauer vun de Geschäftsreesen ass 2020 an 2021 eropgaangen, vun 3,4 Iwwernuechtungen am Joer 2019 op 4,7 am Joer 2020 a 5 am Joer 2021.

Reise fir Besuch bei Famill a Frënn sinn nëmme wéineg vun der Covid-19 Krise beaflosst ginn. Et konnt nëmmen e liichte Réckgang am zweeten Trimester 2020 festgestallt ginn. Zanterhier ass d'Zuel vun esou Reesen um Niveau vum Joer 2019 bliwwen, an ass souguer zanter dem Summer 2021 iwwert deem Niveau.

Ofschléissend kann ee soen dass d'Vakanzentouristen grad ewéi d'Geschäftsreise vun der Covid-19 Krise schwéier getraff gi sinn. Och wann de Réckgang vun de Reesen an de Wochen nom Ufank vun der Pandemie immens grouss war, ass den Tourismus am Summer awer 2020 erëm ugelaft. Den Hierscht, de Winter an d'Fréijoer dono si vun de Mesure fir d'Pandemie ze bekämpfe weider beaflosst bliwwen. Et kann e soen datt d'Hallschent vum Tourismus net statt fonnt huet. Zanter dem Summer 2021 gëtt awer erëm bal sou vill gereest wéi virun der Covid-19 Pandemie.





Quell : Statec

Luxembourg, le 13/07/2022

Le ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot